FÉISS: NET NËMME FIR ZE LAFEN

D'Féiss vun de Vulle verrode ganz vill iwwer hir Liewensweis.

Inten hunn eng Schwammhaut tëschent den Zéiwen a kënnen dofir ganz gutt schwammen. Och déi méi déck Fatzen un de Féiss vum Däichelchen, Tachybaptus ruficollis, sinn fir d'Schwamme gëeegent.

Gräifvullen an Eile fänke mat hire schaarfe Krallen aner Déieren, déi meeschtens dann duerch e Bëss an de Kapp dout gemaach ginn.

Duerch hir laang Zéiwe komme Reeër, wéi de Mouerochs, Botaurus stellaris, a Limikolen, wéi de Bëschwaasserleefer, Tringa ochropus, ganz gutt duerch de Bulli ouni ënnerzegoen.

D'Féiss vun de Sangvullen hu 4 Zéiwen, vun deenen 3 no vir an eng no hanne geriicht sinn. Domat kënne si sech gutt un engem Aascht oder engem Planzenhallem festhalen.

Bei de Spiechte sinn 2 Zéiwen no vir an 2 no hanne geriicht, wat hinnen d'Kloteren u Bamstämm erméiglecht.

Source texte: Musée national d'histoire naturelle, Exposition "Geckeg Vullen"; Adaptation graphique pour schouldoheem.lu: Script & Joe Leiner.